



PRESSECOMMUNIQUE

D'Awunner vun Dippech-Gare brauche keng populistesch Manifestatioun mee e Contournement

Déi Gemengeresponsabel vun Dippech a Recken hunn gëschter op eng Sensibiliséierungsaktioun fir Automobilisten mam Titel „Avant le contournement, le bon comportement“ invitéiert.

Als Biergerinitiativ bedauere mir et, dass dës Aktioun a kengem Zesammenhang mat der aktueller Problematik ronderëm de Bau vum Contournement Dippech-Gare steet. Mir stelle fest, dass bal keng betreffen Awunner un dëser Manifestatioun deelgeholl hunn. Virun allem deenen zwee Buergermeeschteren hirer Parteimembere ware präsent. Vum engem Succès kann net geschwat ginn.

D'Automobilisten sinn net Schold drun, dass duerch politesch an administrativ Versäumnisser de Bau vum Contournement haut blockéiert ass. Wann déi politesch Responsabel dat ëmgesat hätten wat si zanter Joren de Bierger versprochen, da géifen d'Automobilisten schonn iwwert de Contournement fueren an d'Awunner vun Dippech-Gare hätten eng besser Liewensqualitéit duerch manner Verkéier an hirem Quartier.

Déi betraffe Bierger erwaarde sech vun de politesch Responsabelen kloer Aussoen wéi et ëm d'Zukunft vum Contournement Dippech-Gare steet.

Vun offizieller Säit gëtt et keng kloer Ausso wéini mam Bau vum Contournement ugefaange gëtt!? Gewosst ass just, dass déi verpassten Ëmweltstudie an déi domat verbonnen Prozedur bis am Hierscht ofgeschloss soll sinn. Bis haut ass awer net gekläert, wéi et iwwerhaupt zu deene fatalen Dysfonctionnementen a Versäumnisser komme konnt, déi dozou gefouert hunn, dass de Bau vum Contournement blockéiert ass? Wéi eng Verwaltung ass Schold a firwat ass dat kengem opgefall?

Bei der Manifestatioun vu gëschter stellt sech dofir d'Fro, ob hei net bewosst vun der Politik versicht gëtt fir vun der eigentlecher Problematik ofzelenken a sech der Responsabilitéit net ze stellen?

D'Awunner vun Dippech-Gare souwéi d'Automobilisten déi all Dag virun der Barrière stinn brauche keng populistesch Manifestatioun, mee e Contournement.

A wéini dee gebaut gëtt ass och no der Aktioun vu gëschter nach ëmmer net gewosst.

Dippech, den 27. Februar 2020